

CSV STROOSSEN

# MÉI NO.
# MÉI STROOSSEN.

Detailléierte Walprogramm

LËSCHT 4

# STROOSSEN ZESUMME VIRUBRÉNGEN

Stroossen ass eng biergerno Gemeng. Mir hunn an deene leschte Joren vill Iddien vun Iech a mat Iech realiséiert. Mir als CSV wäerten och an den nächste Joren ëmmer à l'Ecoute vum Bierger sinn, well nëmmen zesummen kann een eng flott an nach méi eng liewenswäert Gemeng Stroossen gestalten. Mir engagéieren eis fir d'Ëmwelt a Klima, Mobilitéit a Sécherheet, fir Schoulen a Sportsinfrastrukturen. Mir kucken no all de Leit, vu Jonk bis bei eis Senioren, no deenen 112 Nationalitéiten déi hei bei eis wunnen. Mir maache keen Ënnerscheed no soziale Schichten. Mir setzen eis dofir an datt all d'Leit sech zu Stroossen wuel fillen. D'Kanner, d'Jugendlecher, d'Singelen oder d'Famillen an di eeler Leit, jiddereen soll hei sécher an a Fridde liewe kënnen. Dir all sidd fir eis wichteg.

## DOFIR SETZE MIR EIS OCH AN DEENEN NÄCHSTE JOREN AN!






## GELIEFTEN DEMOKRATIE A PARTICIPATIOUN VUN DE BIERGER

**Politik gëtt net hannert zouenen Dieren gemaach. Et muss ee fir seng Bierger do sinn an et muss een nolauschteren wat d'Leit wëllen a wéi eng Hëllef si brauchen. D'Gemeng muss un d'Bedierfnesser vun de Bierger ugepasst sinn. Dir hutt vill, gutt a flott Iddien, déi mir gäre mat Iech ëmsetzen.**

- D'Bierger gi weiderhin an d'Diskussioun iwwert Entwécklungsprojeten vun der Gemeng mat abezunn, ob an ëffentleche Reuniounen oder am direkten Gespréich mam Schäfferot.
- De participative Budget gëtt ageféiert. D'Bierger kënnen hier eege Projeten areechen an si ginn, sou wäit wéi méiglech, no bestëmmte Reegelen ëmgesat.
- D'Gemengenëffnungszäiten mussen den Aarbechtszäiten vun de Leit ugepasst sinn.
- Dieren vum Schäfferot stinn och weiderhin fir d'Bierger op. Eemol am Mount ass awer och eng ëffentlech Spriechstonn wou een ouni Rendez-vous ka bei de Schäfferot kommen.
- D'berodend Gemengekommissiounen gi méi zougänglech fir Leit déi net an enger Partei sinn.
- Schafung vun enger Plaz – online mee och an der Gemeng – wou d'Bierger direkt hir Ureegungen mee awer och hir Doleance kënnen ofginn.
- Sondagen zu gewëssen Themen oder Projeten ginn iwwert HOPLR gemaach.

**Är Meenung zielt!**



## INTEGRATIOUN AN INCLUSIOUN AN EISER GEMENG

**61 % vun eiser Bevëlkerung sinn Net-Lëtzebuerger. Dat mécht och de Räichtum vu Stroossen aus. Et ass net einfach déi 112 Nationalitéiten ze integréieren. Mee et geet wann een et wëllt a sech ganz staark dofir engagéiert. Et ass flott déi Kulturvillfalt an déi vill verschidden Iddien déi d'Leit aus der ganzer Welt matbréngen an eist Duerfliewen mat erafléissen ze loossen.**

- Mir hunn de Pakt vum Zesummeliewen ënnerschriwwen a mir wäerten en och mat iech zesummen weider liewen, sief et am Café de Babbel, Wibbel a Spill mat, beim KUFIKA (Kultur fir Kanner), Meet and Greet fir nei Bierger, d'Gemeng stellt sech vir a bei villen anere Manifestatiounen.
- Eise "Guide pour nouveaux arrivants" gëtt ëmmer erëm iwwerschafft an de Bedierfnesser ugepasst. Op eisem Internetsite muss et och eng Rubrique „Welcome to Strassen" ginn wou ee schnell déi néideg Informatiounen fënnt.
- All Joer soll eng Soirée – „Welcome to Strassen – d'Gemeng stellt sech vir" - organiséiert ginn.
- Eis Kommissioun vun der Integratioun organiséiert och weider Manifestatiounen fir d'Bierger zesummenzebréngen wéi z.B. d'Marche gourmande.
- Stroossen huet e gudden Service de l'Intégration dee weider gestäerkt gëtt.
- Fir nach eng besser Sproochenintegratioun gëtt de Parrainage linguistique ageféiert.
- Schafung vun ëffentleche Barbecue Plazen fir d'Zesummeliewen an de Quartieren ze fërderen.

**Bei eis liewen och Mënschen mat Behënnerung. Stroossen muss eng Uertschaft sinn wou si sech barrièrefräi beweege kënnen. Jiddereen huet e Recht drop säi Liewen selwer ze gestalten a mir mussen dofir Rahmebedingungen schafen.**

- Stroossen muss komplett barrièrefräi ginn. Trottoiren mussen ugepasst sinn.
- Kreatioun vun enger Gemeinschaftswunneng fir Leit mat Behënnerung.
- De Plan Communal Handicap gëtt fäerdeg ausgeschafft an ëmgesat.
- 5% vum Stroossener Gemengepersonal si Leit mat Behënnerung. Mir wäerten nach weider Plaze schafen.
- Associatiounen déi mat behënnerte Leit schaffen wäerte mir verstäerkt asetzen fir Aarbechten hei zu Stroossen ze maachen.



## PROXIMITÉIT AN DIGITALISÉIERUNG OUNI GAP

**D'Gemengeverwaltung ass do fir de Bierger. Dofir muss een och kucken datt se einfach accessibel ass. Si muss op hunn wann d'Leit Zäit hunn. Si muss de Leit awer och d'Méiglechkeet ginn fir méiglechst vill Formalitéiten online ze erleedegen.**

- Wat online méiglech ass wäerte mer och online ubidden, mee awer och weider physesch op der Gemeng ubidden
- Mir wäerten eisen Internetsite esou opbauen datt e fir jiddereen gutt verständlech ass.
- Mir wäerte Formatiounen ubidden, déi u jiddereen geriicht sinn déi ee Besoin hunn fir besser mat dem Computer an all sengen Funktiounen eens ze ginn ( E-banking,Online Formulairen ausfëllen,…)
- Mir wäerten d'Elteren, mee och déi Jugendlech sensibiliséieren op d'Geforen déi am Internet sinn.



## FAMILL, SCHOULEN, KANNERBETREIUNG A MAISON RELAIS

**Eis Familllen hu ganz oft vill ëm d'Oueren, wat zu Stress ka féieren. Déi meeschte Koppelen ginn zu zwee schaffen. Et ass net einfach Famill a Beruff ënnert een Hutt ze bréngen. D'Kanner däerfen dobäi natierlech net ze kuerz kommen. Dofir ass et wichteg datt mir eis Organisatioun ronderëm d'Kanner esou gestalten datt et hinne gutt geet an d'Famillen an hirer alldeeglecher Organisatioun entlaascht ginn.**

- D'Schoulzäiten sinn net méi dem Kand an der Famill ugepasst. No Gespréicher mat all de Betraffenen, Léierpersonal, Elteren, Personal aus der Maison Relais muss een definéieren wéi een di 2 Stonnen Mëttespaus an déi 3 Deeg wou Schoul bis 16h00 ass besser un d'Bedierfnesser  vum Kand an den Elteren kann upassen. Z.B. all Dag Schoul vun 8h00 bis 14h30 mat enger méi kuerzer Mëttespaus wou d'Schüler gemeinsam an der Maison Relais iessen.Duerno gi se dann heem oder kënnen an d'Maison Relais goen.
- Et soll eng méi berouegend Paus- an Iessenszäit ginn wou d'Kanner sech kënne vum Schoulunterrecht erhuelen an d'Längt vun de Schouldeeg soll homogen ginn fir d'Middegkeet op de laangen Deeg ze vermeiden.
- De Schoulbus hëlt och d'Schüler aus dem Précoce mat.
- Bau vun enger neier Schoul fir de Cycle 1 mat integréierter Maison Relais.
- Aktiv Matschaffen un enger besserer Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Maison Relais.
- Stroossen ass eng Unesco Schoul. Hei soll weider verstäerkt um Projet vum Zesummeliewen ouni Gewalt an am Respekt mat sengem Matschüler geschafft ginn.  Mee och Themen ewéi Anti-Gaspillage, Problemer an der Famill ewéi Aarmut oder Gewalt sollen ugeschwat ginn.
- Am Cycle 4.1 (5. Schouljoer) sollen d'Schüler eng Woch mat hirer Klass verbréngen. Net onbedéngt ewéi bis elo an enger "Classe de neige" mee zum Beispill an enger "Classe verte" oder enger "Classe de mer" zu Lëtzebuerg oder am Ausland.
- Den Encadrement an der Maison Relais muss stänneg verbessert ginn. D'Kanner sollen do en Educateur hunn als „personne de référence". D'Hausaufgabenhëllef muss méi wéi e surveilléierte Moment sinn. D'Kanner mussen aktiv dobäi gehollef kréien.

- Naturprojeten an eisem Bësch oder am Kannergaart si wichteg Elementer an der Maison Relais. Et mussen och Aktivitéiten ugebueden ginn fir d'Kanner an diversen Liewensetappen an Transitiounen ze ënnerstëtzen.
- An enger neier Bëschcrèche/Bëschspillschoul kënnen eis Kanner ganz Deeg an engem gesonden a stimulanten Ëmfeld verbréngen.
- D'Schafung vun enger Plaz, wou d'Elteren sech treffen an austausche kënnen bei enger Taass Kaffi oder Téi a wou och kleng Workshoppen zum Thema Kanner a Famill wäerten organiséiert ginn.
- Am Moment begleede mir d'Kanner aus der Maison Relais an eis Museksschoul oder an eis Sportsveräiner déi zu Fouss erreechbar sinn. Mee och déi Kanner déi a Veräiner zu Stroossen sinn, wéi d'Bouschéissen, Karate oder Judo déi net zu Fouss ze erreeche sinn, sollen en Transport dohinner ugebuede kréien.
- Stroossen huet en aktiven Kanner-Gemengerot dee mir och an Zukunft bei senge flotten Iddien wäerten ënnerstëtzen.





## JUGEND

**Mir hunn eng flott Jugend zu Stroossen, déi ganz villfälteg ass. Eis Jugendlech ginn a verschidde Schoulen, hu verschidde Fréndeskreesser an deelweis verschidden Hobbyen. Mee fir si all wëlle mir eng flott Plaz an eisem Duerfzentrum schafen wou jiddereen eng Plaz fir seng Interesse fënnt.**

- Mir schafen e Jugendzentrum mat Skatepark nieft de bestoenden Beach-Volley-Terrainen. An dësem Zentrum si Raim fir Gebuertsdeeg ze feieren, Musek mat enger Band ze prouwen, Tounstudio, Billard a Versammlungsraim fir divers Aktivitéiten. Et gëtt zesummen mat de Jugendlechen, dem Jugendbeoptraagten, dem Jugendhaus an der Jugendkommissioun geplangt.
- Mir suergen eis em déi psychologesch a sozial Betreiung vun eise Jugendlechen. Mir hunn e Streetworker deen aktiv ass an deen sech ëm Jugendlecher am ëffentleche Raum këmmert déi säi Support brauchen. Eise Streetworker ass och ausféierlech vernetzt fir dem Jonken déi Ressourcen unzebidden déi en net an der Gemeng fënnt.
- Mir riichten en “Point d’information Jeunes” an der Gemeng an, mir organiséieren eng „Foire pour Jeunes“ wou déi Jugendlech déi Informatioune fannen déi si an hirem Alldag brauchen. Eise Jugendbeoptraagten huet awer och eng oppen Dier fir den Austausch mat de Jugendlechen.
- Mir bidden weiderhin vill Méiglechkeeten fir Vakanzenjobs a Stagen fir Schüler a Studenten un.
- Mir schafe Wunnengen an Wunngemeinschaften wou Jonker eng Wunnméiglechkeet an der Locatioun kréien.
- Mir erstellen eng Plattform wou Wunnengen/Zëmmeren fir Jonker zu Stroossen ugebuede ginn.



## SENIOREN

**Een Drëttel vun eise Bierger sinn am Seniorenalter a vill vun hinnen sinn nach ganz rüsteg. Fir si bidde mir de Sports-Loisir un, eis Mëttesdëscher, e gutt funktionéierenden Club Senior a villes méi.**

- Ausschaffen an Ëmsetzen vum „Plan communal senior".
- Bau vun eisem CIPA (centre intégré pour personnes âgées) mat 60 Better.
- Schafen vun engem « Foyer du jour ».
- Ënnerstëtzen vu Projeten ewéi eis Super Senioren, wou eeler Leit eise Schoulkanner hëllefen.
- Organiséieren vun Aktivitéiten iwwert eise Club Senior.
- Ubidden vun Couren fir besser an der Digitalisatioun eens ze ginn,  wéi den Online-Banking, d'sozial Medien...





## BENEVOLAT A VERÄINSLIEWEN

**D'Veräiner droen e weesentlechen Deel dozou bäi datt mir esou eng aktiv Gemeng sinn. Et ass net einfach fir si well et ëmmer méi schwéier gëtt Leit ze fannen déi sech am Benevolat engagéieren. Mir wëllen a mussen hinnen hëllefen**

- Mir schafen eng Plattform  wou d'Veräiner sech kënne mellen wa si Leit brauchen an op der anerer Säit déi Benevol kënne kucken wou hiert Engagement gebraucht gëtt. Eng Aart lokal Agence fir de Benevolat.
- Mir féieren e Coordinateur sportif an, esou wéi mir elo scho Leit an der Kultur hunn, deen de Veräiner zur Säit steet an hirer Organisatioun.
- Fir datt d'Veräiner gutt funktionéiere kënnen, wäerte mir hinnen déi néideg finanziell a materiell Hëllef ginn.
- Mir ënnerstëtze weiderhin ganz staark d'Jugendaarbecht vun den Sports- a Kulturveräiner.




## KULTUR

**Eng schéin Ausstellung, e gudde Concert, dat si wichteg Momenter an eisem Alldag. Et ass gutt, datt mer eis kënnen erfreeën oder erhuelen duerch a mat der Kultur. Eis Kulturevenementer spillen och eng wichteg Roll an der Integratioun. Konscht a Musek hunn eng international Sprooch a se verbannen d'Mënschen. Mir hunn déi lescht Joren ganz vill Kulturevenementer geférdert, wéi eis Expo 100 Joer Lëtzebuerger Konscht oder och nach eis Expo 50 Joer Lëtzebuerger Konscht, Concerten dobaussen an eise Parken, an der Kierch oder am Centre Culturel Paul Barblé. Mir hunn de Stroossefestival wou d'Leit aus dem ganzen Land op Stroossen kommen. Mir si bekannt als Gemeng déi qualitativ héichwäerteg kulturell Manifestatiounen ënnerstëtzt an dat soll och esou bleiwen.**

- Stroossen wäert sech och weiderhin ganz staark an der Konscht, an hei besonnesch an der Lëtzebuerger Konscht engagéieren.
- Mir wäerten eng „Foire à la Culture » fir jonk Kënschtler organiséieren wou si hir Talenter weise kënnen.
- Am Jugendzentrum soll en "Espace Culture" entstoen wou jonk Talenter e klengen Atelier hunn.
- Et sollen Konschtwochen an der Vakanz ageféiert ginn fir jiddereen deen Interessi drun huet seng Talenter ze férderen, egal op Jonk oder Al.
- Mir wëllen datt d'Kultur och soll am ëffentleche Raum stattfannen, wéi Ausstellungen a Concerten an eise Parken a queesch duerch d'Duerf (op Bushaltestellen ...) .
- Concerten, Stroossefestival, Ausstellungen, Manifestatiounen am Beräich vun der Auslännerintegratioun, Kultur fir Kanner (Kufika), Organisatiounen vun eise Flüchtlingen zu Stroossen. Eise Moto: Kultur vu jidderengem fir jiddereen!



## SPORT

**Sport ass wichteg an all Alter. Mir hunn zu Stroossen vill Sportsveräiner mat ganz gudde Resultater am Spëtzesport mee déi awer och ganz vill am Breedesport ubidden. Ganz vill Stroossener Kanner sinn an eisen Sportsveräiner ageschriwwen. Mir hunn en oppent Ouer fir eis Veräiner an ënnerstëtzen si materiell a finanziell iwwerall do wou et néideg ass.**

- Mir wäerten déi néideg Sportsinfrastrukturen – Sportshal, Fussballterrain, Beach Volley Ball Terrain, Outdoor Schéissstand fir d'Bouschéissen, Fitness an eise Parken an am Bësch, Multisportsterrainen, Petanque Pisten schafen fir datt jiddereen senge sportlechen Aktivitéiten kann nogoen.
- Mir ënnerstëtzen eis Sportsveräiner am Leeschtungssport, Breedesport a virun allem an hirer Jugendaarbecht.
- Mir bidden e gudden Sports-Loisir un an wäerten d'Offer och nach ausbauen fir déi beruffstäteg Leit, datt si och owes an Sportscouren kënne goen.
- Am Summer sollen och Sportsaktivitéiten an eise Parken organiséiert ginn.




## SOZIALPOLITIK

**D'CSV steet säit ëmmer fir eng effikass Sozialpolitik. Stroossen muss eng Uertschaft bleiwen wou jiddereen, och déi sozial schwaach, eng Plaz fënnt fir wierdeg ze liewen. Fir eis sinn all d'Mënsche gläich.**

- Et ass wichteg e kompetenten Office Social ze hunn, wou een einfach an onkompliziéiert gehollef kritt.
- Stroossen huet 50 sozial Wunnengen. Mir wäerten nach weider Wunnengen kafen fir se an d'Location Sociale ze ginn.
- Mir wäerten méi enk mat Associatiounen, déi an der Gestion Locative Sociale (GLS) aktiv sinn, zesumme schaffen fir esou nach méi Wunnengen déi eidel stinn fir d'Location Sociale ze mobiliséieren.
- Mir ginn déi néideg finanziell Hëllefen fir datt d'Leit duerch d'Verdeierung am Land, ob an der Energie oder bei de Liewensmëttelen, gutt duerch d'Kris kommen.
- Mir suergen derfir datt " d'Allocation de vie chère" ëmmer erëm der aktueller Situatioun ugepasst gëtt.
- Eise CIGL ass eng Plaz wou Leit op den Aarbechtsmarché virbereet ginn. Dofir muss de CIGL nach weider gestäerkt ginn.
- De Projet PINSS gëtt de Leit d'Méiglechkeet aus der sozialer Isolatioun erauszekommen an sech nees an der Gesellschaft z'integréieren. Dëse Projet soll an eiser Maison solidaire nach weider ausgebaut ginn.
- Mir hunn e Mediateur deen de Bierger bei Nopeschstråit zur Säit steet a mir hunn en Ecrivain publique deen dem Bierger hëlleft Bréiwer ze schreiwen a Formulairen auszefëllen. Dës Offeren mussen nach méi bekannt gemaach ginn zu Stroossen.




## MOBILITÉIT AN ËFFENTLECHEN TRANSPORT

**Stroossen huet mat der Autobunn an der Areler Strooss zwou grouss Stroossen déi d'Uertschaft duerchschneiden a vill Nuisancen bréngen mat Kaméidi a Feinstaub. Et ass wichteg, datt mir gutt un den ëffentlechen Transport ugebonne sinn an e gutt Netz fir „d'Mobilité douce" hunn. Och wëlle mir Weeër fannen fir eng verstäerkt Dezentraliséierung vun den Aarbechtsplazen, an deem mir Co-working Spaces schafen an den Teletravail färderen. Mir setzen eis an:**

- Fir en Tempolimitt vun 90 km/h op der Autobunn zu Stroossen
- Fir en effikasse Schutz géint Kaméidi a Flüsterbelag op der Autobunn
- Fir eng effikass an intelligent Luuchtesteierung op der Areler Strooss
- Fir datt den Tram iwwert d'Areler Strooss bis op Mamer fiert
- Fir e gutt ausgebauten Netz vu Vëlosweeër, mee virun allem soll d'Axe Stad-Mamer en duerchgoende Vëloswee hunn bzw sollen verschidden Stroossenabschnitter als Vëlosstrooss definéiert ginn.
- Eis Wunnquartieren sollen duerch Foussgänger- a Vëlosweeër verbonnen sinn.
- De Car-Sharing System FLEX soll nach weider ausgebaut ginn.
- Iwwerall wou et néideg ass sollen nach Vëlosstänneren kommen an si sollen deelweis iwwerdaacht ginn.
- Stroossen soll nach zousätzlech Chargy-Bornen kréien.
- Den Autostrafic soll op Haaptachsen geleet ginn, an doduerch d'Wunnquartieren an den Duerfzentrum berouegt ginn.
- Geféierlech Plazen (Kräizungen, Luuchten, Stroossen, etc … ) analyséieren an entschäerfen, an doduerch Sécherheet fir Foussgänger, Vëlosfuerer an Automobilisten verbesseren.



## DUERFENTWÉCKLUNG, LOGEMENT AN URBANISMUS

**Stroossen entwéckelt sech séier am Moment, heiansdo méi séier wéi mir wëllen. Mee mir brauche Wunnengen hei zu Lëtzebuerg an dat grad am urbanem Raum, zu deem Stroossen gehéiert.**

**De Wunnraum muss awer virun allem erschwénglech sinn, an dat net nëmmen fir déi Jonk. Dëst geet nëmmen iwwer en Opkaf vun Terrainen a Wunnengen. D'Wunnengen sollen zum Deel an d'Locatioun goen an zum Deel an d'Vente mat Bail emphytéotique.**

**Nei Iddien wéi de Bau an d'Locatioun vun Tiny Houses vervollstännege d'Offer zu Stroossen. Et ass eis wichteg datt d'Mëtt vu Stroossen eng zesummenhänkend Fläch fir d'Stroossener Bierger gëtt. Am Süden entstinn déi nei Fussballterrainen, an der Mëtt eisen Zentrum fir eis Jugend, op dem bestoenden professionelle Fussballterrain gëtt eng Schoul mat Maison Relais gebaut an virun der Gemeng plange mir eng convivial Maartplaz mat engem Café/Restaurant a Commercen. All dës Projeten ginn zesumme mat Iech geplangt.**

- Kreatioun vu Jugendwunnengen
- Schafung vun engem System, deen de Leit déi zu Stroossen opgewuess sinn d'Méiglechkeet gëtt zu Stroossen kënne wunnen ze bleiwen
- Kreatioun vun Intergeneratiounswunnengen fir Jonker a Senioren zesummen.
- Bau a Locatioun vun Tiny Houses.
- An den Ausbau vun der Logementsoffer investéieren
- D'Refonte vum Duerfkär weider förderen, mat der Kreatioun vun engem integréierten Schoulcampus, Sportshalen, neie Fussballterrainen an der Verschéinerung vun der Plaz virun der Gemeng. Hei soll eng Duerfplaz mat klenge Commercen an Restauranten/Brasserien entstoen.
- Bau vu weidere Schoulen
- Planung vun neie Wunngebidder mat moderne Verkéierskonzepter
- Autofräi Wunnquartiere plangen
- Flott Spillplazen an de Wunnquartieren opriichten, mee awer och un déi néideg Beschattung heifir denken



## ËMWELT, ENERGIE AN KLIMASCHUTZ

**Mir sinn eis an eise Kanner et schëlleg datt mir no eiser Natur an eiser Ëmwelt kucken. Mir schaffen aktiv mat am nationalen a lokalen Naturpakt an am Klimapakt. Biodiversitéit an eiser Gemeng ass wichteg. Mir mussen awer och kucken esou mann wéi méiglech Flächen ze versigelen bzw. versigelt Flächen erëm fräi vum Makadamm ze maachen an se duerchlässeg fir Reewaasser ze gestalten. Mir musse virsiichteg mat eiser Ressource Drénkwaasser ëmgoen.**

- Fërderung vun engem aktive Klimateam an Naturpaktteam déi aus Bierger zesummegesat sinn an déi flott Iddien am Beräich Ëmwelt an Natur entwéckelen.
- Biodiversitéit ass wichteg an den Dierfer. Eng gutt Beplanzung vu Blummen a Straicher wou d'Insekten a besonnesch d'Beien d'ganz Joer iwwer Nahrung fannen an déi liewesnoutwenneg fir si ass.
- D'weidert Ëmsetzen an den Ausbau vu flotten a sënnvollen Aktivitéiten wéi de Repair Café, de Vide Grenier, enger Tauschbörse an e Second-Hand Maart fir Kanner an Erwuessener.
- Deelweis Réckerstattung vun de Käschten wann een Apparater fléckt an net ewech gehäit.
- Den Anti-Gaspillage an de Gemengegebaier, Schoulen, Maison Relais mee och bei de Bierger maximal färderen. Eng Plaz fir Food-sharing soll ageriicht ginn.
- Beim Offall-Reglement weider den Tri maximal färderen. Pabeier, Glas, gréng Poubelle a Valorlux bleiwe weiderhin gratis.
- Fërderung vun Photovoltaik op Gemengendiecher mat direkter an eegener Notzung vun der gewonnener Energie. Esou soll een als Gemeng ëmmer méi autark ginn. Eng „local energy community“ op d'Been stellen.
- Reewaasserbenotzung nach besser färderen.
- Flächen, wéi verschidde Parkingen déi komplett mat Makadamm zou a versigelt sinn, erëm entsigelen an domadder et dem Reen erlaben an de Buedem ze sickeren.
- Pilotprojet fir gewësse Stroosseluuchte mat Bewegungsmelder auszerëschten fir Energie ze spueren a Liichtverschmotzung ze reduzéieren.
- Kanner an Enseignanten an der Schoul mat dem Klimawandel an dem nohaltegen Ëmgang vun eise Ressourcen sensibiliséieren.
- E komplette Bilan vum Ressourcëverbrauch zu Stroossen opstellen an doduerch Amelioratiounspisten identifizéieren a weider Efforten investéieren fir den Energieverbrauch vun de Gemengegebaier ze reduzéieren.
- Eemol am Joer en Nohaltegkeetsdag an der Gemeng organiséieren an exemplaresch Projeten/ Behuelen auszeechnen.



## SÉCHER A GESOND LIEWEN AN EISER GEMENG

**Zu Stroossen huet een sech ëmmer sécher gefillt an dat soll och sou bleiwen. Mee et gëtt awer och Kriminalitéit zu Stroossen an dofir si mir am stännege Kontakt mat eiser Police fir datt déi néideg Kontrollen zu Stroossen gemaach ginn.**

- Mir setzen eis fir eng Verstäerkung vun eiser Police de proximité an.
- Mir schafen e Corps auxiliaire de Police, deen nach méi no un de Schäfferot attachéiert ass.
- Mir ënnerstëtzen eis Agents Municipaux bei der Erweiderung vun hire Kompetenzen.
- Mir kucken datt Stroossen en zousätzleche Standpunkt fir d'Rettungsdéngschter, Ambulanz a Pompjeeë kritt.
- Mir organiséieren Éischt Hëllef Couren allgemeng mee och an der Santé mentale.
- Mir setzen eis an fir eng Vitess Limitt vun 90 km/h an engem effikassen Lärmschutz op der Autobunn. Dëst féiert zu enger Verréngerung vum Feinstaub an zur Reduktioun vun der Lärmbelästegung.
- De Klima ännert sech an dofir brauche mir an Zukunft e "Plan Canicule" fir eis Schoulen a Maison Relais mee och fir eis Gemengegebaier an eis Residence Riedgen.
- Op eisem Internetsite soll et eng aktualiséiert Lëscht vun den Dokteren zu Stroossen ginn.
- Och iwwert d'Feierdeeg sollen eis Dokteren am Centre médical erreechbar sinn.
- D'Produiten déi mir an der Gemeng, an de Schoulen an an der Maison Relais benotzen mussen ecoresponsabel sinn.
- Mir lancéieren eng Sensibilisatiounscampagne, fir datt d'Bierger wëssen, wéi si sech kënne virun Abréch schützen: Alarmanlagen installéieren, Luuchten op Timere setzen, der Police d'Departen signaléieren etc.



## LOKAL EKONOMIE

**Stroossen huet nieft de « Grandes surfaces » säit e puer Joer och erëm e lokale Commerce. Et ass wichteg datt et e Metzler, Bäcker, eng Apdikt, Restauranten an eng Epicerie an der Uertschaft gëtt. Dofir wäerte mir dësen Handel weider ënnerstëtzen an ausbauen.**

- Virun der Gemeng soll eng Plaz entstoen mat klenge Commercen a Brasserien/Restauranten.
- Mir encouragéieren d'Usiidlung vun neie Geschäfter.
- Eis Firmen déi mir an der Uertschaft hunn, an et sinn der vill, wëlle mir ënnerstëtzen an siichtbar maachen.



**Dir gesitt, mir hu vill Iddien vun Iech a mat Iech ëmgesat. Et bleift awer nach vill Aarbecht fir déi nächst Joren, fir datt Stroossen eng flott Uertschaft bleift wou et Freed mécht ze wunnen. Dofir schenkt eis den 11. Juni Äert Vertrauen!**



**WEB**

CSV Stroossen

# EIS KANDIDATE FIR STROOSSEN.

Eis Kandidate fir d'Gemengewalen 2023





Nico PUNDEL
Buergermeeschter
Ingenieur-Direkter Stad Lëtzebuerg
57 Joer



Anne AREND ép. LAHAUT
Gemengeconseillère
Réviseur bancaire
43 Joer



Laurent BRAUN
Ingenieur
28 Joer



Andrew BUTLER
Training and Insurance Consultant, 57 Joer



Guy CLEES
Staatsbeamten
45 Joer



Michel COIMBRA
Staatsemployé
47 Joer



Diména ERNST
Franséisch Enseignante
47 Joer



Dora FERNANDES
Aarbechtspsychologin
29 Joer



Tun GIERENZ
Ekonomist
27 Joer



Sonia GLEIS
Konschthistorikerin
38 Joer



Nicole HENTZEN-PETIN
Sekretärin, 57 Joer



Guy HIRTZ
Pens. Gemengenaarbechter
62 Joer

## LËSCHT 4



Josée MAJERUS
Pensionéiert Enseignante
64 Joer



Charlotte ROGER-BASSING
Direktiounsassistentin, 57 J.



Madalina STANA
Business Development Manager, 41 Joer